adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
17 OCT. 2019
1345

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Oktober 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt et zu Lëtzebuerg ze wéineg Couveuse sollte ginn, fir déi ze fréi gebuere Puppelcher kënne medezinesch ze betreien.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Fro stellen :

1. Kann den Här Minister deen uewe genannte Fait confirméieren ?
2. Ass et scho virkomm, datt Fraen hu missen an d'Ausland transferéiert ginn, fir ze accouchéieren ? Wa jo, wéi vill Fraen hunn an de lëschte fënnef Joer missen an d'Ausland transferéiert ginn ?
3. Wa jo, wien iwwerhëlt d'Käschte fir den Transfert an den Accouchement a wie këmmert sech ëm den administrativen Opwand ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 21 novembre 2019

**Réf.** : 82fx14783

**Concerne**: Question parlementaire n° 1345 du 17 octobre 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les « Couveuses pour bébés prématurés »

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse du soussigné à la question parlementaire n° 1345 du 17 octobre 2019 concernant les « Couveuses pour bébés prématurés ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération très distinguée.

**Pour le Ministre de la Santé,**

**Laurent JOMÉ**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 1345 du 17 octobre 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les « Couveuses pour bébés prématurés ».**

D'Bettenunzuel vum Nationalen Service vun der Intensiv-Neonatologie ass am d'Spidolsgesetz vum 8. Mäerz 2018 festgeluegt: e gesäit e Minimum vu 14 Better an e Maximum vu 25 Better vir. De Nationalen Service vun der Intensiv-Neonatologie an der Kannerklinik zielt am Moment 14 Better vun 22 erlaabte Better. Vu dat den Okkupatiounstaux iwwert 100% an den Joeren 2016 an 2017 war, huet d'Direktioun vum Centre Hospitalier de Luxembourg décidéiert 2 zousätzlech Better derbäi ze setzen, d.h. 16 am Verglach zu 14 ursprénglech virgesinn, sou dat do permanent tëschent 16 an 18-19 Bëbeeë sinn, an engem Service den am Fong geplangt war fir 14 Bëbeeën (7 Zweebettzëmmer/Inkubator) an der Intensivfleeg opzehuelen. 2018 war den Okkupationstaux an der Moyenne 97 % mat 47 % vun den Deeg wou d'Unzuel vun de Patienten iwwert 14 war. D'Aktivitéit vum Service vun der Intensiv-Neonatologie an der Kannerklinik berechtegt d'Erhéichung vu 6 zousätzleche Better esou ewéi et am Rapport vun 2017 vum Conseil Scientifique vum Nationalen Service vun der Neonatologie steet.

Am Fall wou eng Fréigebuert oder eng Risikogebuert bevir steet, gëtt d'Mamm transferéiert fir dat d'Gebuert an de beschte Konditiounen a Strukturen déi eng Intensiv-Neonatologie ka bidden, stattfanne kann. Vu dat d'Better vun enger Intensiv-Neonatologie bal d'Halschent vun der Zäit besat sinn, kann ee sech virstellen dat eng gewëssen Unzuel vun Transferten an d'Ausland gemeet ginn, fir d'Sécherheet vum Neigebuerenen ze garantéieren.

Am Joer 2018, huet de Centre hospitalier de Luxembourg 35 sou Transferten an d'Ausland oder manner oft an d'Klinik Bohler (déi 7 Better an der net intensiver Neontalogie huet) gemeet, déi gläich Unzuel wäert wahrscheinlech fir 2019 sinn (32 bis den 12.11.2019).
Et ass méiglech dat aner Transferten organiséiert goufen vun aner Kliniken oder Fraendokteren an eventuell och well net genuch Platz an der Intensiv-Neonatologie war, mee dës Donnéeën gi net systematesch opgeholl.

Et muss een och erwänen dat d'Unzuel vun Accouchementer vun 5260 am Joer 2003 op 7718 am Joer 2019 geschätzt ginn, mat enger Unzuel vun Admissiounen an der Neonatologie vun 444 Neigebuerenen am Joer 2010 a geschätzten 512 am Joer 2019.

Prinzipiell gëtt d'Ufroe vum Transfert bei der Krankekeess agereecht, déi dann d'Käschten iwwerhëlt.